**N° 4375**
Reçue le 28.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.05.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Verschidde Leit mussen och am Kader vun der Mobilitéit op verstäerkt Sécherheetsmesuren oppassen. Dëst gëllt notamment fir politesch Mandatsräger mat ganz héijer Verantwortung, wéi zum Beispill d' Ministeren, mee des Feststellung ass jee no de politeschen Ëmstänn net zwangsleefeg ob si begrenzt. Fir deene Leit hir Sécherheet am Stroosseverkéier ze garantéieren gëtt normaler Weis op gepanzert Limousinnen zeréckgegraff.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär des Froe stellen:

1) Wéivill där gepanzert Limousinne sinn aktuell zu Lëtzebuerg immatrikuléiert? Wéivill dovunner entfalen der op de Staat Lëtzebuerg a wéivill op auslännesch Partnerinstitutiounen?
2) Op wéi eng Manéier ginn des Limousinnen entsuergt, wann se aus dem offizielle Fuerpark ausgemustert ginn?
3) Kënnen déi ausgemustert Gefierer nach anerweiteg verwennt ginn, zum Beispill als Test- an Trainingsobjete fir Extremsituatiounen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 4375
Reçue le 29.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 29 JUIN 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4375 du 28 mai 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant les voitures blindées, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n°4375 vum 28. Mee 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen betreffend « Voitures blindées »**

Den honorabelen Deputéierte freet Prezisiounen iwwert gepanzert Limousinnen.

Aus der Datebank vun der Société Nationale de Circulation Automobile (SNCA) geet ervir dat momentan 58 Stroosegefierer zu Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn, déi ee méi oder manner staarke Blindage virweisen. Heivunner sinn 32 Gefierer op Firmen ugemellt an dëst gréisstendeels op privat Sécherheetsfirmen.

De Rescht vun de dëse gepanzerte Gefierer sinn op staatlech Instanzen ugemellt; dovunner zwou Limousinne fir de Service de Protection du Gouvernement.

Aus dem offizielle Fuerpark vun der Regierung gouf bis elo nach keng esou eng gepanzert Limousinnen ausgemustert an dowéinst huet sech d'Fro nach net gestallt ob a wéi dës Gefierer dono kéinte fir Übungszwecker benotzt ginn. Am Fall wou dës Gefierer entsuergt ginn, wäert dëst no den Dispositioune vum « *Règlement grand-ducal modifié du 17 mars 2003 relatif aux véhicules hors d'usage* » geschéien.